PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 16/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Esou wéi den Ëmweltministère et gefuerdert hat, hunn 9 Südgemenge viru kuerzem een Aktiounsplang géint Kaméidi ausgeschafft an dësen a verschiddee Gemengerotssëtzunge schonns thematiséiert an diskutéiert.

Esou wéi a villen anere Gemengen, gouf och zu Péiteng de Stroossen – a Schinneverkéier als Haaptquell vum Kaméidi identifizéiert. Zu Péiteng ass et notamment de Kaméidi duerch de Verkéier op der Collectrice (Avenue de l'Europe), dee vill Biergerinnen a Bierger belaascht.

Fir de Kaméidi op der Streck ze reduzéieren, kënne verschidde Moossname getraff ginn. Engersäits kéint ee beim Rond-Point LTMA de Flux vun Autoe besser maachen, andeems een esou wéi beim Centre Wax eng Ënnerféierung ënnert dem Rond-Point géif gruewen. Anerersäits kënne Geschwindegkeetsbegrenzungen an och Schallschutzmaueren hiren Deel dozou bäidroen, dass de Kaméidi net iwwert dat ganzt Kordall ze héieren ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gefierer fueren an de Spëtzenzäiten um Segment vun der Péitenger Collectrice?
2. Wéi eng Moossname wäerten d'Ministeren ënnerhuelen, fir de Kaméidi, dee vun der Collectrice ausgeet, ze reduzéieren?
3. Wéi bewäerten d'Ministeren d'Optioun, eng Schallschutzmauer op der Collectrice ze bauen?
4. Wéi bewäert de Minister d'Optioun, eng weider Ënnerféierung ënnert dem Rond-Point beim LTMA ze bauen?
5. Wéi bewäert de Minister d'Optioun, eng méi niddreg Geschwindegkeetsbegrenzung um Segment tëschent der Biff an dem Dräilännereck anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député